# D'Realitéit vum Concertsbetrieb

Guy Engels

Eigentlech heescht et jo «Et kann ni Musek genuch ginn» – ee Saz, dee mir mat zwou Hänn ënnerschreiwen. Dat ass een Ideal, dat ee sech als Ziel ka setzen.

Nieft deem Ideal gëtt et awer och d'Realitéit, d'Realitéit vum Concertsbetrieb am klenge Lëtzebuerg, an engem Land, dat ee ganz begrenzte Réservoir u Publikum fir klassesch Musek huet.

De Lëtzebuerger Meloman ka sech wierklech net bekloen. De Concertsagenda ass op verschidden Deeg esou gutt gefëllt, datt ee senger Hänn kee Rot méi weess. Hei spillt een interessanten Ensemble, do trëtt een dichtege Solist op, an op enger drëtter Plaz gëtt een net alldeegleche Programm gebueden. „Wohin soll ich mich wenden?", fir et mam Franz Schubert ze soen.

Mir ginn esou lues op d'Enn vum Joer duer, Zäit fir vill Organisateuren a Festivalen, hir Programmer fir 2007 ze presentéieren. Grad elo gëtt engem erëm richteg bewosst, wat hei am Ländchen alles leeft, wéivill äerdeg Leit, begeeschtert Museksfrënn a kulturell engagéiert Matbierger et gëtt, déi sech vill Méi ginn, fir flott an attraktiv Programmer ze presentéieren. An dobäi kréie besonnesch déi sougenannt kleng Festivaler et ëmmer méi schwéier, ënner anerem duerch de Publikumsmagnéit Philharmonie.

Mä och finanziell gëtt et vu Saison zu Saison méi komplizéiert, d'Enner zesummenzekréien, besonnesch well d'Économie méi lues dréint an de Kuch vun de Sponsoren net méi grouss gëtt. De Géigendeel ass esouguer de Fall. Fusiounen am Industrie- a Bankesecteur maachen aus zwou Entreprisen eng, aus zwee potentielle Sponsoren een.

Wann dës Entreprisen duerch hir Ëmstrukturéierung och nach hir Lëtzbuerger Wuerzele verléieren a sech kulturell net méi esou staark gebonne fillen, da gëtt et schwiereg, se als Partner bei der Staang ze halen.

Munnech Festivalen hunn d'Zeechen erkannt a ginn iwwer bei Coproduktiounen. Ee Concert gëtt op e puer Festivaler presentéiert, déi zäitlech no beienee leien, geographesch awer getrennt genuch sinn, fir datt keen deem anere Publikum ewechhëlt. Esou kann een interessant Projeten am ganze Land proposéieren an an engems rational wiertschaften.

Aner Festivaler musse sech inhaltlech repositionéieren a redefinéieren, wa se wëlle weidermaachen. Si brauchen eng musekalesch a lokal Identitéit – e Repertoire als Schwéierpunkt, eng Plaz als Ankerpunkt.

Am Hierscht 2007 schléit d'Gebuertsstonn vun engem neie Museksfestival, de Luxembourg Festival. Nach ee Festival, ass ee scho bal versicht ze soen? Nach ee Festival an der Stad Lëtzebuerg, an der Haaptstad, déi souwéisou schonn de Gros vun de musekalesche Manifestatiounen huet!

De Luxembourg Festival ass een Element vu Positionéieren, een Element vun der kultureller Visibilitéit no baussen, houscht et bei der Presentatioun an der Philharmonie. Deen neie Concertssall, den Theater an d'Muséeën an der Stad hu sech zesummegedoen, fir eng gemeinsam Programmatioun, ee Promotiounsinstrument fir Lëtzebuerg am Ausland ze verkafen. Domat huet déi allgemeng Rentabiliséierungsmentalitéit dann och elo definitiv hir Joyeuse entrée an d'Kultur zu Lëtzebuerg gehalen.

Datt d'Kultur och een ekonomesche Facteur ass, datt si Recetten an anere Secteure generéiert, dat streit keen of, an dat ass och legitim.

Mä d'Kultur als pur Héichglanzpublicitéit fir eist Land? Op dat dee richtege Wee ass?

**Grad elo gëtt engem erëm richteg bewosst, wat hei am Ländchen alles leeft, wéivill äerdeg Leit, begeeschtert Museksfrënn a kulturell engagéiert Matbierger et gëtt, déi sech vill Méi ginn, fir flott an attraktiv Programmer ze presentéieren.**

*De Guy Engels ass Journalist beim radio 100,7.*

*Kulturkronik um radio 100,7 all Dënschdes um 07.55 an 12.50*

*Kulturkronik vum 21.11.2006*